eng KLACK fir eis SPROOCH
34. Joer
Nr. 325

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH
EIS SPROOCH

Cotisatioun: 20 €
CCPL LU75 1111 0066 4448 0000
BCEE LU52 0019 1000 7250 4000

Wann Dir der AL wëllt en Don maachen, dann iwwerweist op de Konto IBAN LU24 0019 4655 0203 7000 vum Fonds culturel national mat der Mentioun „Agrément N° 2024/147 Actioun Lëtzebuergesch"

Nächst Klack (Nr. 326): Samschdes, de 5. Dezember 2026

Actioun Lëtzebuergesch
20, Conter-Strooss – L-5955 Izeg
Tel.: 47 06 12 (Repondeur)

E-Mail: contact@actioun-letzebuergesch.lu
www.actioun-letzebuergesch.lu

Eise Comité:
Claude Bache (President a Caissier); Lex Roth (Vize-President); Patrick Kaell (Sekretär); Mariette Atten-Haag, Samuel Bost, Patrick Ehleringer, Angelo Holzem, Astrid Holzem-Lang, Yuri Miny, Suzette Schmit-Lehnertz a Vic Weber (Memberen)

E „Lëtzi" fir den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch

Och dëst Joer huet d'AL fir den Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch erëm e Kichelchen, de „Lëtzi" verdeelt, dee gutt bei de Leit ukomm ass. Samschdes, de 26. September ware mir mat engem Stand an der Stad um Knuedler, a bannent nëmmen e puer Stonne waren all eis Kichelcher verdeelt.

Dobäi konnte mir flott an intressant Gespréicher mat Leit vun iwwerall hier féieren, déi deen Dag do passéiert sinn. Besonnesch déi vill Auslänner ware verwonnert, datt et eng eege Lëtzebuergesch Sprooch gëtt, an eis Aktioun huet hinnen immens gutt gefall.



Um "Zweeten Dag vun der Lëtzebuerger Sprooch", huet den AL-President Claude Bache dem Kulturminister Eric Thill e "Lëtzi" iwwerreecht. (Foto: Alain Piron)

D'AL op de
30 Joer WALFER BICHER DEEG
Kommt äis den
21. an den 22. November
op eise Stand
an der Hal 2 besichen!

~~Letzeboiesch~~ TODAY ~~(1)~~

Et geet och anescht (2)!

Wéi d'Liewen dach sou spillt! Kuerz no Redaktiounsschluss vun der Klack 324 krute mir eng interessant E-Mail vun engem Lieser erageschéckt, dee sech (wéi d'Madamm, iwwert déi ech lech jo schonn am Artikel "Et geet och anescht (1)!" geschwat hat), Gedanken iwwert dee koppegen Text "Letzeboiesch Today (1)" aus der Klack 323 gemaach hat an äis direkt seng Versioun vum Text geschéckt huet.

Den Text an der Klack No 323 hunn ech op meng Fassong esou ëmgeschriwwen:

Dat Meedchen, wat erwaart, huet dem Gemengepapp eng Foto gewisen: „Wéi soll ech hei emol mat menger Kanner-Kutsch laanscht kommen, wann d'Leit ëmmer erëm mat hirer Roulotte hallef um Trottoir an hallef an der Strooss parken?"

„Dat ass net schlëmm", sot de Gemengepapp: „Mir maache souwisou geschwënn iwwerall Bremssträifen, an den Trottoir gëtt zur Strooss zou méi niddereg gebaut, da kënnt Dir ouni Schwieregkeete mat Ärem Puppelchen op d'Strooss eroffueren.

An direkt hannert der rietser Mauer do hannen, do wou déi Verdriwwen erageplënnert sinn, maache mer ganz geschwënn en Handwierkerhaff mat engem Fräiraum fir Leit an Auto virdrun, fir den Duerfzenter nach méi sécher ze maachen an eise Kanner a Kandskanner nach méi Plaz ze ginn. An ech konnt mer schonn d'Pläng dovun ukucken an hat och e puer Gespréicher mam Patron vun der Baufirma."

„Dann hutt Dir do jo nach eng schéin Aufgab virun lech! Dir maacht also lues a lues iwwerall Knuppen an d'Stroossen, fir déi séier Autoen mat Zäit op d'Vitesse vun enger Deckelsmouk ze bremsen, an ech soll dann mat mengem Kand an der Strooss goen! An dann och nach de Kaméidi, wann se duerno erëm urappen a Gas ginn!"

„Dat ass lech selwer iwwerlooss! Dir kënnt lech jo och bei der Police bekloen an dann op si waarden. Mee bis déi do sinn, dat dauert, bei deem Wee, dee se hunn, si hu jo kee Büro méi hei am Veräinsbau".

„Ma da wäerte si oder hire Pechert jo domadder eens ginn, datt ech si méi ewéi eng Kéier ruffe wäert! Well ëmmer méi Leit parken ‚nëmme ganz kuerz' um Trottoir, fir bei d'Doktesch e Rezept sichen ze goen an et dann bei der Apdiktesch eran ze ginn. Ech wäert op kee Fall op der Strooss goen!"

„Egal wat Dir dovun halt, mir kréien et gebak, well op eiser Gemeng kucke mir fir eng gutt Aarbecht- a Fräizäit-Mëschung mat liichten Aufgaben ze verbannen! Esou hu mir z.B. ënnert anerem d'Plaffonge fir d'Primmen op d'Recht fir eng Sozialwunneng ugepasst. Mir setzen äis domat also net nëmmen fir déi Räich an, mee fir jiddwereen hei aus der Gemeng."

„Wann dat esou ass, hunn ech jo besser e Sonndeg de Moie bei de Paschtouer an d'Kierch ze goen, an hie bei engem gudde Patt Wäin ze froen, ob hien an der nächster Mass fir mech a mäi Puppelche biede kann!" *Serge S.*

Fir déi, déi den „Original"-Artikel „Letzeboiesch Today (1)" an der Klack 323 net gesinn haten oder d'Zeitung schonn ewech gehäit hunn, hei de Link op all eis Klacken:

www.actioun-letzebuergesch.lu/klack.html

Vill Spaass beim Vergläiche vum Text!

Vläicht hutt Dir jo och nach Är eege Versioun? Fäert net a schéckt äis déi op eis E-Mail- oder Postadress. *P. E.*

Vu Bomien a Kandskanner

Mir ginn an d'Gromperen

Mir hate kierzlech eng Diskussioun iwwer hëllefen a Kanneraarbecht; mir ware verschiddener Meenung.

Als Beispill hunn ech dunn de Kandskanner aus menger Kannerzäit a vun der Aarbecht um Haff verzielt.

Wann d'Schmuebele fort waren, d'Deeg méi kuerz goufen an d'Owender méi fiicht a frësch, da war den Hierscht do. Den éischte September huet d'Schoul ugefaang, an Ufank bis Mëtt Oktober, wa mer scho rëm Hausaufgaben ze maachen haten, net méi souvill Zäit war fir dobaussen ze spillen, da war et Zäit fir **an d'Gromperen** ze **goen**.

Natierlech ass do d'ganz Famill matgaangen, an d'Nopeschmeedercher hunn ech **op der Gewan** um Nopeschstéck begéint. Ech hat déi Zäit gär, et war esou e Gefill vun Zesummegehéiregkeet, déi Al an déi Jong. Do ass d'ganz Famill matgaang. D'Mamm hat scho muerges Quetschentaart gebak, **schwaarze Kaffi** gouf an d'Thermoskan geschott, dat war fir d'Kaffispaus am Gromperesték.

Mir sinn ëmmer eréischt mëttes gefuer, da war d'Aarbecht am Stall gemaach, an e fräie Schoulnomëtteg huet et misse sinn, da waren och d'Kanner doheem. Dobaussen huet d'Hierschtsonn sech nach eng Kéier erkritt fir ze wiermen. Dat war wéi wann nach e Stéck Vakanz nokéim. De Pätter huet d'Säck op de Won gelueden, **d'drote Kierf an den Heel**. Mäi Papp ass mat der **Gromperemaschinn** scho viraus gefuer, a mir koume mam Trakter a mam Won no.

Eis Grompere stoungen am Sandbuedem, ideal fir Gromperen. Wéi ech nach méi kleng war, hate mer eng Maschinn mat Bengelen, déi gouf vum Trakter gezunn, an d'Bengelen hunn dann d'Gromperen erausgehäit. Do louchen se dann an de Reien, an et konnt ee fir d'éischt gesinn, ob et e gutt Gromperjoer war. Ech hunn nom **Gromperekinnek** gesicht, dat war **déi déckste Gromper** am Stéck. An duerfir hunn ech alt scho „Näschter" geluecht, d'Grompere beieneen op e Koup, dann hunn déi Grouss se opgeraf. Fir d'éischt an den drote Kuerf, a wann de Kuerf voll war, huet een de Sak opgehal, dat hu mir Kanner dann och alt dierfen, mä et huet ee misse richteg halen, fir datt déi geraafte Grompere beim Eraus-schëdde net rëm all op de Buedem **getrollt** sinn, well da war de Papp guer net frou.

Als Kand huet een aus allem eppes gemaach. Net all Gromper war an der Norm, et gouf décker a klenger, et gouf **„Zwillingen"**, dat waren der **zwou unenee gewuess**, an et gouf **„Poppen"**, dat waren déi wou nach **eng kleng iwwer der décker gepecht** huet, **„Zweewuess"** huet de Pätter dat genannt. An da gouf et där décker, knubbeleger, ënner deene war meeschtens de „Gromperekinnek" ze fannen. Hate mer d'Flemm mam Rafen, da si mer alt scho viraus gelaf, hunn déi **laang Strénk vum „Sinnef"** an dem **Strëpp** erausgerappt a probéiert, wien se am wäitste **geheie** konnt.

Wéi ech méi grouss war, hate mer eng Gromperemaschinn, déi huet d'Gromperen net nëmmen erausgehäit, mä déi huet se iwwer e Förderband transportéiert, an do stounge mer dann zu dräi drop an hunn d'Steng erausgefëscht. Déi Maschinn huet och gläich sortéiert, déi déck Grompere koumen an en Tank un der Maschinn, an déi kleng sinn duerch d'Rille gefall an e Sak deen ënnendrënner houng. Déi Maschinn haten all d'Baueren aus dem Duerf zesumme kaaft, an et huet een sech se gedeelt, och d'Deeg wou een **an d'Grompere gefuer** ass, goufe festgeluecht. Wann een et mol schlecht geroden hat mat dem Dag, jo dann hat ee Pech!

Dat Schéinst war d'Kaffispaus. Ech hunn nach haut de Geroch vum stëbsege Buedem, gemëscht mat deem vun de Gromperen an dem Damp vum schwaarze Kaffi an der Nues, wann ech drun denken! Dat huet eppes vu Kannerzäit, Landliewen a Liewesfreed. Well mir Kanner hunn dann och ausnamsweis däerfe Kaffi aus dem Becher vum Thermoskrou drénken. Fir déi Grouss hat d'Mamm **Jatten** agepaakt. Eis Männer hunn ëmmer aus der Jatt gedronk. An da gouf d'Taart opgeschnidden, déi stoung um Plateau op engem Kichenduch um Won. Ni war de Kaffi an d'Quetschentaart esou gutt, wéi wa mer zesummen um Won am Gromperesték souze fir Paus ze maachen. Nach haut ass d'Quetschentaart meng léifsten Taart, vläicht huet dat jo mat de Gromperen an der (Kanner-)Aarbecht um Feld ze dinn. *S. L.*

An eegener Saach

actioun-letzebuergesch.lu & letzebuergesch.lu sinn ewell zwee Puer Schong

Wéi der all wësst, ass d'Actioun Lëtzebuergesch schonn eng Rei Jore mat engem eegene Site um Internet vertrueden.

D'Original-Adress vun deem Site ass iech bekannt: https://www.actioun-letzebuergesch.lu/

Well mir bei der Actioun awer deemools Angscht haten, dass dës Adress ze komplizéiert wär, an d'Wonschadress www.al.lu scho vum Kolléisch benotzt gouf, hate mir äis eppes méi spéit och nach fir eng manner komplizéiert Alternativ entscheet: www.letzebuergesch.lu

D'Adress www.letzebuergesch.lu ass dann och am Laf vun de Joren ëmmer méi als primär Adress vun äis agesat ginn (Courrier, Memberskaarten, Bicher, Bicken, Rolluppen, etc.) an alles war am grénge Beräich, bis ... jo, bis de Commis-saire fir d'Lëtzebuerger Sprooch d'lescht Joer un äis erugetrueden ass.

Well d'Regierung dem Lëtzebuergeschen an all senge Facettë méi e groussen Opdriff wéilt ginn, wär hire grousse Wonsch, dat op engem zentrale Site ze regruppéieren. A wat géif sech do besser ubidden, wéi d'Adress www.letzebuergesch.lu?

No e puer kontroverse Sëtzunge vum AL-Verwaltungsrot gouf dann dunn awer beschloss, deem nozeginn; fir de gudden Zweck, dee mir hannert där Initiativ vum Staat gesinn. D'AL setzt sech jo fir alles an, wat Lëtzebuergesch ass, an e Boykott vun dëser Initiativ, fir eis Sprooch a Kultur ze erhalen, hätt och direkt (an indirekt) géint e puer vun eisen AL-Prinzippie verstouss.

Fir de Kontakt zu eise Memberen a Lieser awer elo net direkt ze verléieren, hu mir mam Sproochecommissaire ausgemaach, datt bis op Weideres alles wat op d'Kontaktadress actioun@letzebuergesch.lu geschéckt gëtt, un eis original Adress **contact@actioun-letzebuergesch.lu** *weidergeleet gëtt. Op deene rezente Publikatiounen hu mer Kontakt- an Internet-Adress schonn ugepasst; hei huet de Ministère äis och versprach, äis bei de Käschten, déi duerch dës Ëmännerungen entstane sinn, entgéint ze kommen. Ausserdeem gouf och nach ausgemaach, datt d'AL den Internet Site www.letzebuergesch.lu erëmkréie géif, sollt de Staat eng Kéier op dës Adress verzichten.*

Hei also nach eng Kéier am Resümmee dat Wichtegst:

Schéckt Är Mailen un:
contact@actioun-letzebuergesch.lu
Dir fannt äis um Internet ënner:
www.actioun-letzebuergesch.lu

Mir soen lech an deem Sënn Merci.

De Verwaltungsrot vun der AL